kéinten dann zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 6799 iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6799 et dispense du second vote constitutionnel

Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. D'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo eriwwer.

De Projet ass mat 57 Jo-Stëmmen, bei 3 Nee-Stëmmen, ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt (par Mme Claudia Dall'Agnol), Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot (par M. Roger Negri), Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Serge Urbany (par M. David Wagner) et David Wagner.

Ont voté non: MM. Gast Gibéryen (par M. Fernand Kartheiser), Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete Vote ze ginn?

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou décidéiert.

A mer géifen elo zum leschte Punkt vun eisem Ordre du jour iwwergoen. Dat ass d'Orientéierungsdebatt iwwert de Rapport vun der Madame Médiateure vum Joer 2014. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. An direkt huet d'Wuert den honorabele Rapporteur, den Här Jean-Marie Halsdorf.

7. 6789 - Débat d'orientation sur le rapport d'activité de la Médiateure (2014)

Rapport de la Commission des Pétitions

M. Jean-Marie Halsdorf *(CSV), rapporteur.*- Merci, Här President. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, laut Artikel 8 vum Mediateursgesetz vun 2003 mécht de Mediateur der Chamber all Joer an engem Rapport de Bilan vu sengen Aktivitéiten.

Dorophi gëtt dann hei an der Chamber, esou wéi d'Conférence des Présidents et décidéiert huet, an engem Délai vu sechs Méint no der Presentatioun vun der Médiateure eng Orientéierungsdebatt gemaach.

D'Virbereedung vum Débat ënnersteet der Petitiounskommissioun. An hir Memberen hu mech an der Sitzung vum 4. Mee dëst Joer als Rapporteur designéiert, deen de Rapport iwwert den Débat d'orientation iwwert de Rapport d'activité 2014 vum Mediateur schréftlech a mëndlech virdréit. An deen éischten Débat an där Form huet am Joer 2008 stattfonnt.

D'Madame Err huet hiren Aktivitéitsrapport de 5. Mäerz dëst Joer hei an der Chamber presentéiert. D'Petitiounskommissioun hat sechs Sitzungen, wou se sech iwwert de Rapport ausgetosch huet mat der Médiateure, mat der Commission des Institutions et de la Révision constitutionnelle a mat Vertrieder vum Statsministère.

D'Petitiounskommissioun huet all parlamentaresch Kommissiounen invitéiert, de Rapport d'activité ze aviséieren, wat se dann och all gemaach hunn. D'Petitiounskommissioun stellt am Kader vum aachten Débat d'orientation och mat Genugtuung fest, dass d'Relatiounen tëschent Chamber a Mediateur gutt sinn.

Här President, e puer Statistiken - fir den Detail verweisen ech op den ausféierleche schréftleche Rapport, deen iwwer 45 Säiten huet. An do stellt een da fest, wann een de Rapport kuckt, dass tëschent dem 1. Januar an dem 31. Dezember 2014 689 Reklamatiounen agereecht goufen. 535 Dossiere goufen ofgeschloss. Dat maachen 82,53%. 25 Demandë waren irrecevabel an et gouf 30 Refus d'examen.

178 Affäre betreffen de Stat, an dat an de Beräicher: Immigratioun, Visa, Pass, Logement, Classes moyennes a Fiskalitéit, an am Duerchschnëtt goufe 86,69% vun den Dossieren ofgeschloss. 80 Affäre betreffen d'Gemengen, an dat an de Beräicher Urbanismus an Affaires communales, an hei goufen duerchschnëttlech 55% ofgeschloss.

Bei de Stats- a Gemengen-Établissement-publicken, wéi d'ADEM, d'CNPF oder de Fonds national de solidarité, gouf et 230 Affären, mat engem Duerchschnëtt vu 77,51% ofgeschlossenen Dossieren.

Ech kommen elo zu engem weidere Kapitel vum Rapport, do, wou et Usus ass, dass Recommandatioune vun der Médiateure gemaach ginn. 2014 goufe keng nei Recommandatioune vun der Médiateure veröffentlecht. Et goufen awer Suggestiounen un d'Chamber, un d'Regierung an un d'Administratiounen, an zwar a folgende Beräicher - och hei verweisen ech fir den Detail op de schréftleche Rapport:

Den éischte Beräich war den „retour à meilleure fortune". Dës Notioun misst méi restriktiv definéiert ginn. Dëse Retour à meilleure fortune spillt jo, wann ee Geld vum Fonds national de solidarité kritt huet. Wann een dann herno Geld aus anere Quelle kritt, ass ee forcéiert, een Deel un de Fonds national de solidarité ze rembourséieren.

Eng aner Suggestioun gouf et iwwert den 30-jährege Délai de prescription. Dëse misst geännert ginn. Weider war en anere Punkt, dass déi sozial Decke bei Aarbechtsonfäegkeet misst verbessert ginn. Verbessere misst een och d'Informatioun vum Aarbechtslose selwer, dem Aarbechtlosen a sech, an zwar iwwer säin Dossier. D'Médiateure schreift och, den Éducatiounsministère misst bei Ufroen an engem vernünftegen Délai äntwerten.

E weidere Punkt ass deen, dass d'Gesetzgebung vum Congé parental ze ännere wär am Kader vun engem Detachement vun engem Lëtzebuerger Statsbeamten.

E weidere Punkt sinn d'Informatiounen a Formulairen, déi eis Verwaltungen un de Bierger ginn. Dës sollte regelméisseg iwwerkuckt ginn. Dat ass eng weider Suggestioun. Gradesou, suggeréiert se, sollten d'Verwaltungen a Gemengen déi direkt Kommunikatioun verbesseren.

Am Kader vun internen an externe Reklassementer an eise Betriber, do mécht d'Médiateure e puer Suggestiounen, ënner anerem déi, d'Modalitéite beim Ausbezuele vun der Indemnité d'attente an och d'Kritäre bei de Rembourseementer ze änneren.

Och sollten déi laang Délaie bei dem medezinesche Service vun der Immigratioun verbessert ginn. An et wär noutwendeg, d'Personal an der Direktioun vun der Immigratioun opzestocken.

Eng detailléiert Informatioun un d'Bierger, déi Hëllefe kréien am Logement, esou och iwwert d'Modalitéite vun de Rembourseementer, déi ass noutwendeg. Dat ass en anere Virschlag.

Well et schwiereg wär, d'Notioun vu reliéisen Associatiounen ze definéieren, misst d'Gesetzgebung iwwert d'minimal Besteierung geännert ginn, fir Härtefäll ze vermeiden; ass eng aner Ureegung. Weider misst déi steierlech Gesetzgebung kontinuéierlech verbessert ginn. A schliisslech misst een d'Gesetz änneren, fir dass d'Europafonctionnairen och vun der Kollektivbesteierung kéinte profitéieren am Fall vun engem Partenariat.

(Mme Simone Beissel prend la présidence.)

An engem anere Kapitel gouf et Diskussiounen iwwert d'Reform vum Gesetz vum 22. August 2003, dat jo de Mediateur agefouert huet. Am schréftleche Rapport kann een do vill noliesen, notamment dës Virschléi vun der Madame Médiateure: éischtens betreffend den Numm vun der Institutioun, zweetens betreffend hir Pouvoiren an hir Attributiounen.

Do si folgend Punkten, déi ech hei wollt erausschielen, déi si dann opgeworf huet: Éischtens sollte betreffend de Mediateur d'Mënscherechter als generell Kompetenz agefouert ginn. Et sollt eng exceptionnel Erweiderung vun der Saisine bei individuelle Reklamatioune méiglech sinn. D'Zréckgräifen op Experte bei den Aarbechten ass eng aner Ureegung; d'Méiglechkeet, Avisen ze ginn am Kader vu gesetzleche Prozeduren, déi si betreffen, déi de Mediateur betreffen, en anere Punkt. D'Positiounhuele vun der Regierung an engem Délai vun dräi Méint op Recommandatiounen an dës dann och ausféieren an engem vernünftegen Délai, ass eng aner Ureegung.

Am Kader betreffend Reklamatioune gëtt et folgend Virschléi: En Délai aféieren, wou d'Verwaltungen op Reklamatioune Positioun huelen, bei enger Saisine vum Ombudsmann den Délai de recours dräi Méint suspendéieren.

An dann zwee aner Punkten, wou d'Médiateure eng Textännerung freet, betreffend wéini een d'Recht huet, sech un den Ombudsmann ze riichten, an eng aner Textännerung betreffend d'Aarbecht vum Ombudsmann. A schliisslech och, fir d'Evaluatioun vun der Verwaltung anzeféieren.

Betreffend den organesche Statut vum Ombudsmann gëtt et folgend Suggestiounen: D'Delegatioun vun der Ënnerschréft aféieren, den Ausbau vun der budgetärer Onofhängegkeet virhuelen, d'Opweeche vum Statut vum Personal vum Mediateur aféieren. Eng Änerung an der Wahl vum Ombudsmann proposéiert se eis och, a schliisslech d'Formatioun vum Ombudsmann a vum Personal.

En anert Kapitel beschäftegt sech da mat den Äntwerten, déi d'Chamberskommissiounen op d'Demande vun der Petitiounskommissioun ginn hu par rapport zum Rapport vum Mediateur. Do sinn zwielef Kommissiounen, déi sech positionéiert hunn, an zwar iwwer Punkten am Rapport, well dës Punkte si betreffen, wou si also da Kompetenz hunn. Fir deen Detail verweisen ech och op de schréftleche Rapport.

Et si folgend Kommissiounen: d'Comission des Affaires étrangères et européennes, de la Défense, de la Coopération et de l'Immigration, d'Commission des Affaires intérieures, d'Kulturkommissioun, d'Commission de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse, d'Commissioun de l'Enseignement supérieur, de la Recherche, des Medias et des Communications, d'Kommissioun vun der Famill a vun der Integratioun, d'Finanz- a Budgetskommissioun, d'Kommissioun vun der Fonction publique et de la Réforme administrative, d'Commission juridique, d'Kommissioun vum Logement an d'Commission du Travail, de l'Emploi et de la Sécurité sociale.

Sechs Kommissioune waren net concernéiert am Rapport vun der Médiateure, a si hunn der Petitiounskommissioun dat dann och matgedeelt. Et si folgend Kommissiounen: D'Kommissioun vun der Agriculture, de la Viticulture, du Développement rural et de la Protection des consommateurs, d'Kommissioun vum Développement durable, d'Kommissioun vun der Ekonomie, d'Kommissioun vun der Ëmwelt, d'Force-publiques-Kommissioun an d'Kommissioun vun der Gesondheet, de l'Égalité des chances et des Sports.

Wat elo d'Aarbechte vun der Commission des Institutions et de la Révision constitutionnelle ugeet, do hate mer dräi Réunions jointes mat dëser Kommissioun, wou och Vertrieder vum Statsministère an d'Médiateure derbäi waren. En Detail vun deenen Diskussioune fannt Der am schréftleche Rapport.

D'Resultat vun deenen Diskussiounen, also dat, wat mer festgehalen hunn, dat wollt ech elo hei méi detailléiert a mengem mëndleche Rapport iwwerhuelen.

Ënnert dem Punkt 7 am schréftleche Rapport kann een dann och d'Konklusioune vun der Petitiounskommissioun liese betreffend d'Evaluatioun vum Mediateursgesetz.

Éischte Punkt: Eng Reform vun dësem Gesetz, vum Mediateursgesetz, drängt sech op.

Zweetens, déi parlamentaresch Kommissioun iwwerhëlt awer net all Propositioune vun der Médiateure, ënner anerem wat d'Aféiere vun enger Investigatiounsgewalt, wat d'Budgetsonofhängegkeet ugeet, och betreffend d'Nominatiounsmodalitéiten an d'Vereedegung vum Ombudsmann souwéi de Statut vum Personal. Dës Punkte goufen net zréckbehalen.

Aner Punkten, déi wollt ech elo opféieren, wat mer do da festgehalen hunn. Wat den Numm vun der Institutioun ugeet, do ass an der Kommissioun festgehale ginn, et sollt een den Numm „Ombudsman" iwwerhuelen, well dat verbessert d'Visibilitéit vun dëser Institutioun par rapport zu aneren Instanzen, déi och Mediatioun maachen.

Et sollt een och de Schutz vu Mënscherechter als Missioun vum Ombudsmann expressis verbis an d'Gesetz schreiwen. Dës Missioun ass délimitéiert duerch de Kompetenzberäich, dee jo besonnesch d'Relatioun tëscht de Bierger an de Verwaltunge betrëfft. De Mediateur, dee préift d'Uwendung vun de Mënscherechter, wann e mat enger individueller Reklamatioun befaasst ass. Aus Kohärenziwwerleeunge mécht et dann och Sënn, de Kompetenzberäich vum Mediateur op all Organissem, deen eng ëffentlech Déngschtleeschtung huet, ze erweideren.

De Perimeter vum Aktiounsberäich vum Mediateur muss kloer délimitéiert sinn an eng prezis Definitioun vu senge Kompetenze muss an d'Gesetz geschriwwe ginn. Schliisslech muss eng Formuléierung fonnt ginn, déi d'Missioun vun der ëffentlecher Déngschtleeschtung prezis definéiert.

D'Kommissioun, déi ass och fir e limitéiert Recht vum Mediateur, sech selwer ze saiséieren. D'Kommissioun deelt och d'Propositioun, fir d'Saisine vum Ombudsmann exceptionnel iwwert déi individuell Reklamatioun eraus ze erweideren, wann et drëm geet, fir eventuell systemesch Dysfonctionnementer ze behiewen. Wann eng individuell Plainte Zweifel opkomme léisst, dass ähnlech Problemer kéinten an aneren Dossiere bestoen, da kritt d'Médiateure Zougréff op dës Dossieren, awer mat der Konditioun, dass déi drëtt concernéiert Persounen hiren Accord ginn hunn.

A kengem Fall kann de Mediateur e generellt Recht vun Autosaisine kréien an och hunn, well den Dysfonctionnement vun enger Verwaltung ënnerläit ganz kloer der Kompetenz vun der Chamber, well déi huet en Enquêterecht.

Et wier och ubruecht, en Délai ze fixéieren, an deem d'Regierung Positioun hëlt zum Prinzip vun enger Recommandatioun. Dëst wier eng Aart, loosse mer soen „accusé de réception", an deem d'Regierung erkläert, ob se eng Recommandatioun ëmsetzt an dann och eventuell en Délai dozou, oder awer dann eng Motivatioun, firwat d'Recommandatioun net ëmgesat gëtt. Dëst wier awer sécher net e bindenden Délai, fir d'Recommandatioun ëmzesetzen.

D'Verwaltunge sollen, esou wéi bei parlamentaresche Froen, och en Délai vun engem Mount opgezwonge kréien, an deem se op d'Bréifpost vum Mediateur äntwerte mussen. An dësen Délai kann dann op zwee Méint verlängert ginn, wann et sech ëm komplex Dossieren handelt.

D'Petitiounskommissioun proposéiert och, d'Méiglechkeet ze ënnersiche vun enger Suspensioun vun den Délais de recours virun de Juridictiounen, also virun de Geriichter, wann de Mediateur mat engem Dossier befaasst ass. D'Suspensioun géif ufänken deen Dag, wou den Ombudsmann mam Dossier befaasst gëtt. An enger éischter Etapp gëtt gemengt, et misst elo emol gekuckt gi bei de belschen Autoritéiten, do misst nogefrot ginn, wéi d'Suspensioun vun den Délais de recours bei hinnen ugewant gëtt.

Weider ass d'Kommissioun dann och der Meenung, dass et Sënn mécht, an d'Gesetz anzeschreiwen, dass den Ombudsmann a sengen Aarbechten op Mediatioun a Schlichtung zréckgräift. An d'Kommissioun proposéiert och ze ënnersichen, ënner wéi enge Konditiounen de Mediateur seng Ënnerschréft kéint un e Fonctionnaire delegéiere fir intern administrativ Entscheedungen, fir dann an deem Fall déi noutwendeg Prezisiounen an d'Gesetz vum Mediateur anzeschreiwen.

D'Kommissioun ass och der Meenung, dass d'Recht vum Mediateur, fir sech beim Ausféiere vu senge Missioune vun Experten assistéieren ze loossen, soll am Gesetz verankert ginn.

An een anere Punkt, dee mer zréckbehalen hunn, ass folgenden - do ass d'Fro gestallt ginn: Wéini ass eng Reklamatioun beim Mediateur recevabel? Gutt, laut Paragraf 1 vum Artikel 3 vum Mediateursgesetz ass dat, wann appropriéiert administrativ Démarchen ënnerholl goufen. Mä dës sinn awer net prezis (veuillez lire: net preziséiert), an doduerch kann et da verschidden Interpretatiounsméiglechkeete ginn. Fir Kloerheet ze schafen, proposéiert och d'Médiateure eng aner Formuléierung, an zwar folgend: «qui n'a pas eu satisfaction». D'Kommissioun deelt de Prinzip, dës Dispositioun ze preziséieren, an décidéiert, eng méi ugepasste Formuléierung am Kader vun den Aarbechte vum Mediateursgesetz ze sichen.

D'Kommissioun hält och fest, ze kucken, wéi eng Secreten dem Mediateur opposabel sinn, besonnesch och an der Hypothees, dass de Mediateur eng Méiglechkeet hätt vun enger limitéierter Autosaisine. De Secret am Beräich Santé, am Beräich Finanzen an am Beräich Steieren, déi sinn net opposabel, just an de Beräicher Aussepolitik, national Verteidegung a Statssécherheet kënnen Informatiounen zréckgehale ginn.

En anere Punkt, dee mer och abordéiert hunn a wou mer zu enger Konklusioun komm sinn, dat ass dee vum Aschreiwe vum Mediateur an der Verfassung. D'Petitiounskommissioun deelt d'Propositioune vun der Institutiounskommissioun, fir d'Diskussioune betreffend d'Aschreiwen an d'Verfassung vum Ombudsmann ze verdéiwen. Sollt dann en Accord fonnt ginn, kéint den Ombudsmann grad wéi de Rechnungshaff am Kapitel vun der Chambre des Députés an net an deem vun de fundamentale Rechter ageschriwwe ginn.

En anere Punkt, deen och abordéiert gëtt, ass dee vum Code de bonne conduite administrative. An do steet Folgendes am Rapport: D'Petitiounskommissioun hëlt Kenntnis vun den Erklärungen aus der Fonction-publiques-Kommissioun, dass verzicht ginn ass, Deontologierege-

len an de Statut général vun de Statsbeamten anzeschreiwen, an dat wéinst Kriticken am Avis vum Statsrot zum Gesetz vum Reformpak an der Fonction publique.

Aus Kohärenzgrënn sollten de Code de bonne conduite administrative an den Deontologiecode parallell ugepasst an ausgeschafft ginn an et sollt dann och mat de Syndikater diskutéiert ginn.

Laut Minister sollen de Code de bonne conduite administrative an d'Deontologieregelen eréischt veröffentlecht ginn, nodeems de Reformpak ëmgesat ass an d'Resultater vun där Reform evaluéiert sinn.

D'Petitiounskommissioun notéiert, dass d'Aarbechten iwwert de Code de déontologie an de Code de bonne conduite administrative am Joer 2016 misste finaliséiert sinn.

Madame Presidentin, fir weider Detailer verweisen ech op de schréftleche Rapport.

Zum Ofschloss villmools Merci un d'Membere vun der Petitiounskommissioun, un der Spëtzt de President Marco Schank, mä och un all déi aner Kolleeginnen a Kolleegen, déi duerch hir Beiträg, déi och am Rapport festgehale sinn, dës Debatt beliewen. E spezielle Merci un eis Sekretärin vun der Petitiounskommissioun, d'Madame Tescher, fir hir performant Mataarbecht am Opstelle vun dësem Rapport.

Ech soen Iech Merci fir Är Opmierksamkeet.

Plusieurs voix.- Très bien!

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.-* Merci dem Här Halsdorf. Als nächst Riednerin hunn ech ageschriwwen d'Madame Cécile Hemmen. Madame Hemmen, Dir hutt d'Wuert.

Débat

Mme Cécile Hemmen *(LSAP).-* Merci, Madame Presidentin. E ganz grousse Merci och dem Rapporteur fir dee ganz detailléierte Rapport. Effektiv, et si ganz vill Zuelen an et ass och e ganz laange Bericht. Dir hutt do e gudde Rapport op dëser Plaz gemaach an duerfir, wéi gesot, e grousse Merci!

Gutt zéng Joer no der Kreatioun vun der Institutioun vum Mediateur ass dës Innovatioun net méi aus eisem administrativen a politesche Liewen ewechzedenken. Dir hutt vill Zuelen héieren, an och opgrond vun der Unzuel vun den Dossieren a vun den Affären, mat deenen d'Madame Médiateure befaasst gouf, ass d'Daseinsberechtegung och weiderhi gi vun dëser Institutioun.

No der laangjähreger an exzellenter Aarbecht vu mengem Parteikolleeg, dem Marc Angel, ass et dann elo fir mech déi éischte Kéier, fir de Rapport vun der Médiateure hei an der Chamber fir d'LSAP ze kommentéieren. An ech géif dann och direkt wëllen ufänke mat der gudder Nouvelle virop, dass de Rapport d'activité 2014 vun der Médiateure e ganz besonnesch gudde Bilan opzeweisen huet mat ëmmerhin 82,53% vun den Affären, déi clôturéiert goufen.

Hëlt een dann elo de Rapport e bësselche méi genee ënnert d'Lupp, esou fält op, dass mer eis hei an esou engem filigranen Domän vun Terminologië bewegen, géif ech emol soen, wou et ëm Definitioune geet an Differenzen tëschent Recommandatiounen, Suggestiounen a Préconisatioune vis-à-vis vum Législateur grad wéi a Richtung vun eisen Institutiounen.

Huele mer et virewech: 2014 goufe keng nei Recommandatioune vun der Médiateure publizéiert, duerfir ginn et awer 15 Suggestiounen un d'Chamber, un d'Regierung an och un d'Verwaltungen. Interessant ass de Constat, dass op ronn 50 Recommandatiounen, déi an de leschten zéng Joer vun der Médiature formuléiert goufen, der grad emol 25 ausgefouert gi sinn, wat seet, an dat ënnersträicht d'Madame Médiateure eemol méi, dass eng Recommandatioun keng Obligation d'exécution huet.

Als Spriecherin vun der LSAP wéilt ech besonnesch op e puer Punkten agoen, déi fir eis Partei nawell vu Wichtegkeet sinn, virop de Volet vun den Délaien, deen och schonn op dëser Plaz ugeschwat ginn ass: de Prescriptiounsdélai, an domat och d'Délaien, wou de Bierger soll eng Äntwert kréien, grad eréi d'Délaie fir eng Reaktioun op eng Reklamatioun oder eng Informatioun, wann eng Plainte sans suite soll klasséiert ginn.

Hei krute mer vun der Regierung matgedeelt, dass de Gesetzesprojet, deen d'Bestëmmunge vun der europäescher Direktiv vun 2012 soll ëmsetzen a puncto Legislatioun vu Bäistand, Ënnerstëtzung a Schutz vun Affer vu Kriminalitéit an der Ausaarbechtung ass. Mir erwaarden eis eng kloer Verbesserung vun de Rechter souwuel vun den Affer wéi och vun hire Familljen.

Eng weider interessant Suggestioun, déi d'LSAP absolutt begréisst huet, ass d'Suspensioun, also d'Ënnerbriechung, vum Délai de recours op eng Zäitdauer vun dräi Méint vun deem Moment un, wou den Ombudsmann mat der Affär saiséiert gouf. Am Paragraf 2 vum Artikel 3 vum Gesetz vun 2003 steet wuel dran, dass, wann eng Reklamatioun beim Mediateur agereecht gouf, d'Prozedur an domat den Délai de recours virum Geriicht net géif ënnerbrach ginn. Dat huet da mat sech bruecht, dass d'Reklamanten, wa si an enger Mediatioun waren, eng Geriichtsprozedur hu missen agoen, fir hir lafend Rechter net ze verléieren. Eng Ënnerbriechung op Zäit hätt deemno de Virdeel, dass keng onnëtz Geriichtskäschten op déi Leit zoukommen, desto méi, wou iwwert d'Mediatioun jo e séiere Konsens tëschent de Parteien ugestrieft gëtt.

Eng ganz begréissenswäert Suggestioun ass och déi, dass d'Regierung an hir Administratiounen den Délai vun dräi Méint sollten anhalen, fir op d'Recommandatioune vun der Médiateure ze reagéieren, an dat opgrond vum Avis vun der Commission de Venise. De Konsens soll dee sinn, dass d'Regierung an hirem Accusé de réception matdeelt, ob si bereet ass, d'Recommandatiounen ëmzesetzen, a wa jo, a wéi engem Zäitofschnëtt. A wann net, da soll eng kloer Motivatioun opgefouert ginn. Den Délai fir d'Verwaltunge soll sech op ee Mount beschränken, mat der Méiglechkeet, fir nach ee Mount ze verlängeren, wann et sech ëm e komplexen Dossier handelt.

E weidere Sujet, wou et iwwert d'Gemenge geet, an domat op direktem Wee natierlech och bei de Bierger, kann d'LSAP de Suggestioune vun der Médiateure nëmmen zoustëmmen. Wéi ech et uganks scho gesot hunn, ka villes a grad op Gemengenniveau iwwer eng gutt Kommunikatioun gekläert ginn. Ech begréissen den Appell vun der Médiateure un déi Gemengeresponsabel, fir sech Zäit ze huelen fir en Austausch mat de Bierger a fir gegebenenfalls och esou eng Mediatioun, jo souguer eng Conciliatioun ze bewierken. Och wann de Courrier, an domat natierlech déi schréftlech Ënnerlage wichteg an noutwendeg sinn, esou geet awer näischt iwwer e Gespréich, wou de Problem an och d'Thematik vun der Ausenanersetzung ënnert d'Lupp geholl ginn, en vue vun enger räsonabeler an zefriddestellender Léisung fir jiddwereen.

Komme mer elo vläicht op d'Missioun vum Mediateur ze schwätzen an domat op d'Suggestiounen a Bezuch op d'Reform vum Mediateursgesetz vun 2003, mat virop der Bezeechnung, der Attributioun an de Pouvoire vun där Institutioun.

Fir all Duercherneen an och all Verwiesslung mat de Mediateuren an deene verschiddenste Beräicher aus de Féiss ze goen, ass sech op d'Bezeechnung vun „Ombudsman" gëeenegt ginn. Esou gëtt och zu Lëtzebuerg déi mëttlerweil geleefeg international Bezeechnung ugewant. D'Visibilitéit wäert deemno verstäerkt ginn, besonnesch elo, wou munnech Secteure Mediatiounsservicer wäerten ausschaffen.

Wat den Aktivitéitsberäich ubelaangt, esou sollen d'Kompetenze vum Ombudsmann sech op privat Institutiounen ausweiten, déi eng öffentlech Missioun ausféieren. Um Niveau vun der Santé an och vun de Spideeler huet de Problem sech geléist, well et jo elo mëttlerweil do e Mediateur gëtt. Op villen anere Plaze ginn et awer nach Inkohärenzen. Ech denken do zum Beispill un d'Schoulen, ech denken un d'Structures d'accueil, un d'Zentre fir eeler Leit an, an, an.

Wann och nach ganz vill Froen opbleiwen an nach esou munches rechtlech muss gekläert ginn, esou ass et awer wichteg, dass eng begrenzt Erweiderung vun de Kompetenzen op privat Strukturen, déi e Service public exekutéieren, muss kommen, am Sënn natierlech vum Benotzer oder awer vum Client vun den eenzelne Strukturen, déi en Urecht sollen hunn op e beschtméiglechen a virun allem gerechte Service.

E weidert ganz interessant Thema ass d'Kompetenz vum Ombudsmann am Schutz grad wéi um Niveau vun der Verletzung vun de Mënscherechter, déi och schonn hei ugeschwat goufen.

Am Artikel 41 vun der Charta iwwert d'fundamental Rechter ass stipuléiert, dass all Mënsch d'Recht huet, dass seng Saachen an Affären „impartialement, équitablement et dans un délai raisonnable" vun den Institutiounen a soss Organer vun der Unioun sollen traitéiert ginn. An et ass den Ombudsmann, dee grad déi Instanz ass, déi dëst soll garantéieren. Den Ombudsmann, deem seng Missioun sech haaptsächlech op d'Relatioun vum Bierger par rapport zu de Verwaltunge bezitt, sollt deemno an deem spezifesche Beräich préiwen, ob d'Mënscherechter respektéiert ginn oder net.

Mir, d'LSAP, stinn hannert enger Formulatioun am Gesetz, déi kloerstellt, dass den Ombudsmann op Demande kontrolléiert, ob d'Verwaltung international an och national Texter iwwert d'Mënscherechter respektéiert.

Mediatioun a Conciliatioun, dës zwee Begrëffer sollen d'Missioun vum Ombudsmann definéieren. Et ass kloergestallt, dass den Ombudsmann op all Expert vu sengem Choix kann zréckgräifen, fir e Rot ze froen a fir sech assistéieren ze loossen.

Am Fall wou den Ombudsmann freet, fir vum Recht vun enger Autosaisine Gebrauch ze maachen, esou ass heizou ze soen, dass et sech ëm eng exceptionnel Ausweitung handelt, déi wuel vun enger individueller Reklamatioun ausgeet, mä awer kéint op aner systematesch (veuillez lire: systemesch) Dysfonctionnementer hiweisen.

D'LSAP ass der Meenung, dass de Prinzip vun der Befaassung vum Mediateur duerch eng Persoun respektiv en Deputéierte muss bäibehale ginn.

An Ausnahmefäll kéint ee sech virstellen, dass de Mediateur och Zougang kritt op Plazen a Servicer vu Verwaltungen, déi dem Public net zougänglech sinn. E misst e Recht hunn, fir all Persoun ze héieren, déi opschlossräich Informatiounen oder awer Erklärunge ka ginn. An e misst kënnen op Informatiounen zréckgräife vu Verwaltungen, déi net an direktem Zesummenhang sti mat der Affär vun der Reklamatioun, op där grad geschafft gëtt.

Och wann dës Demanden ubruecht sinn, esou sief awer drop higewisen, dass all Accès an individuell Dossiere vun Drëttpersoune muss vun de Concernéierten och accordéiert ginn.

A well d'Beschreiwung vun den Tâchen - déi am Gesetz vum August 2003 - éischter deene vun engem Conciliateur entsprécht, wier et ubruecht, dëst och gesetzlech festzehalen. A grad an deem Kontext begréisst d'LSAP, dass mer op de Wee gi vun enger Proposition de loi an net vun engem Projet de loi. Dat heescht an anere Wierder, dass et d'Chamber ass, déi et an der Hand huet, fir d'Aarbecht hei unzegoen.

Madame Presidentin, Dir Dammen an Dir Hären, de Prinzip vun der Mediatioun berout op der Neutralitéit, op der Diskretioun, op der Onofhängegkeet, op der Onparteilechkeet a virun allem op der Gerechtegkeet. De Victor Hugo huet geschriwwen: «Qu'y a-t-il au-dessus de la justice?». D'Äntwert ass: «L'équité.»

A wann ech op dëser Citatioun hei wëll ofschléissen, da fir eemol méi drop hinzeweisen, dass grad d'Équitéit, also d'Gerechtegkeet, ee vun de véier fundamentale Wäerter ass, déi déi politesch Aktioun vun der LSAP leeden.

Och duerfir ënnerstëtzt meng Fraktioun d'Aarbechten an och d'Konklusiounen, déi vun de verschiddene Kommissioune gezu goufen. An ech soen e grousse Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.-* Merci der Madame Hemmen. Als nächste Riedner hunn ech ageschriwwen den Här Gusty Graas. Här Graas, Dir hutt d'Wuert.

M. Gusty Graas *(DP).-* Merci, Madame Presidentin. Dir Dammen an Dir Hären, am Joer 1809 gouf schonn a Schweden den éischten „Ombudsman" gewielt. Bei eis zu Lëtzebuerg war et 1976, wéi en éischte Projet développéiert gouf, fir en Ombudsmann ze kreéieren. Dat war ënnert der DP/LSAP-Regierung. Dee Projet war och un d'Chamber an de Statsrot weidergeleet ginn. Mä en ass allerdéngs dunn zréckgezu ginn, well u sech nach net d'Zäit räif war, fir esou eng Institutioun ze schafen. Um Niveau vun der EU ass schonn 1992 awer och de Mediateur geschafe ginn.

Et huet du gedauert bis de 16. Juli 2003, ier mer op dëser Plaz de Poste vum Ombudsmann geschafen hunn. Et muss een och do hei fairerweis ënnersträichen, datt d'Begeeschterung net op alle Bänke ganz grouss war fir déi nei Institutioun. Besonnesch aus de Reie vum öffentlechen Déngscht koum deemools awer eng gewëssen Oppositioun. Mä et ass wéi esou oft am Liewen: Eng Iddi muss hire Wee goen, fir datt een erausfënnt am Laf vun de Joren, datt se awer hir Wichtegkeet huet. E gutt fonctionnéierende Rechtsstat, eng Demokratie, déi hiren Numm verdéngt, kann haut net méi op déi Institutioun verzichten.

Dem Gesetz vun 2003 no ass jo den Ombudsmann kompetent fir Reklamatiounen, wat de Fonctionnement vum Stat a vun de Gemengen ubelaangt an och vun Établissements publics. Déi meescht Dossieren aus dem Rapport 2014 entfale jo op Établissements publics, wou virun allem jo d'Sécurité sociale - a wie verwonnert et! - un éischter Plaz ass.

De Rapport 2014 steet virun allem awer och am Zeeche vun der Evaluatioun vun deem Posten, an d'Madame Err huet jo - an ech wëll och hei vun der Geleeënheet profitéieren, fir hir an hire Mataarbechter e ganz grousse Merci auszesprieche fir déi excellent Aarbecht, déi se am Laf vun deene leschte Jore gemaach hunn -, si huet jo virun allem drop higewisen, datt den Zäitpunkt komm ass, fir u sech eng Bestandsopnahm ze maachen, fir och ze kucken: Wéi kann een déi Fonctioun, wéi kann een déi Institutioun u sech nach besser upassen?

Selbstverständlech geet et hei an éischter Linn ëm d'Kompetenzen. Schonn den éischten Ombudsmann, den Här Fischbach, huet jo regelméisseg drop higewisen, datt et wichteg wier, d'Kompetenze vun dem Ombudsmann hei ze erweideren. Déi Iwwerleeunge beroue jo och zu engem gudden Deel op enger Recommandatioun vum Conseil de l'Europe.

D'DP ass ouni Zweifel och der Meenung, datt fir all déi Beräicher, déi eng Mission publique betreffen, soll d'Kompetenzfeld vum Ombudsmann erweidert ginn. D'Petitiounskommissioun huet sech jo an deem Sënn och där Iddi ralliéiert. Natierlech mussen awer e puer Froen hei am Virfeld gekläert ginn, zum Beispill: Wéi solle mer dat definéieren? Gëtt dat pro Secteur gemaach? Et ass also nach munche Klärungsbedarf do.

Andeem mer natierlech dann objektiv Kritäre géife festhalen, géif sech dat och vereinfachen, fir an Zukunft dat Kompetenzfeld nach méi kloer festzehalen. Ech ginn op ee Beispill hei an, dat ass de Beräich vun der Santé, wou jo den Ombudsmann d'Recht huet, Kloe vu Patienten entgéintzehuelen aus öffentleche Klinicken. Par contre, Leit aus Privatklinicke kënnen dat net maachen. Entre-temps ass zwar och e Mediateur um Niveau vun der Santé agesat ginn. Et si jo Leit, déi mengen, dat wier net gutt gewiescht, datt deen aus dem Ministère kënnt. Ech wëll dat awer elo hei net weider verdéiwen.

Mir sinn op alle Fall der Meenung, datt all Mediateur, egal op wat fir engem Niveau an egal a wat fir engem Beräich datt en aktiv ass, awer misst zumindest eng spezifesch Formatioun och hunn.

Allerdéngs huet den Ombudsmann ganz kloer och seng Grenzen. An da si mer direkt och an deem, jo, et muss ee soen „sensibele Beräich" vun der Autosaisine. Et ass jo dee Kärpunkt, wouriwwer ganz vill diskutéiert gëtt: Wéi wäit soll u sech déi Kompetenz nach ausgewäit ginn? Mir wësse ganz kloer, wa mer dem Ombudsmann do zum Beispill d'Recht op Investigatioune ginn, da riskéiere mer natierlech och, där Fonctioun e juridictionnelle Charakter ze ginn. Duerfir si mir als Demokratesch Partei do e bësselche méi retizent.

Mir mengen zwar, datt et a limitéierten, ganz limitéierte Fäll ka méiglech sinn, fir eng méi breet Enquête ze maachen, mä datt dat natierlech an Ofsprooch mat där zoustänneger Administratioun muss geschéien. E generellt Investigatiounsrecht gëtt vun eis allerdéngs net gedeelt. Et muss een awer natierlech an där ganzer Diskussioun och eng Differenz maachen zwësche Mediateur an Ombudsmann. Ech mengen, och déi Diskussioun géif eis dozou bréngen, fir d'Kompetenzfeld u sech nach méi kloer hei ze definéieren.

Ech wëll och hei op d'Recommandatioun 1615 aus dem Joer 2003 vum Conseil de l'Europe hiweisen, déi natierlech och e gudde Guide kann duerstellen.

Ech mengen, manner Problemer hu mer natierlech mat der Iddi, datt an Zukunft den Ombudsmann sech nach ka mat méi Experten ëmginn. Mir begréissen dat souguer ausdrécklech, well et däerf ee jo awer net vergiessen, datt een hei muss e Multitalent sinn, wat déi Fonctioun ubelaangt. Et huet ee mat esou vill verschiddenen Domänen ze dinn, soudatt et evident ass, datt een hei awer soll sech roueg kënnen nach mat Experten ëmginn.

Da gëtt och d'Demande gestallt, fir méi eng budgetär Onofhängegkeet ze kréien. Och do hu mir allerdéngs méi eis Reserven. Mir mengen, datt déi Fonctioun hei soll ganz kloer ënnert Tutelle vun der Chamber bleiwen.

D'Madame Médiateure huet dann och d'Fro gestallt, ob een net kéint eng Suspensioun vum Délai de recours virgesinn. Och do si mer allerdéngs vill méi virsiichteg. Mir gesinn dat éischter problematesch. Dat kéint sech am héchste Fall op ganz begrenzte Fäll limitéieren, well mer jo awer mengen, wann een dat dote géif allgemeng aféieren, datt do awer och kéint d'Gefor entstoen, datt Drëttpersoune kéinte gegebenenfalls hei léséiert ginn.

Wat dann d'Ernennung och vun engem Adjoint ubelaangt, och do si mer méi zréckhalend, well mer der Meenung sinn, datt dat awer hei zu Lëtzebuerg vläicht net onbedéngt noutwendeg ass. Et däerf ee jo net vergiessen, datt den Ombudsmann hei zu Lëtzebuerg ëmmer mat enger Persoun identifizéiert gëtt. Duerfir soll een net onbedéngt en Adjoint virgesinn.

Wat awer elo d'Fuerderung ubelaangt, fir awer eng Délégation de signature an Zukunft virzegesinn, ech mengen, dat ass eppes, iwwert dat soll ee wierklech nodenken, och wa sech dat zwar soll op de Courrier limitéieren, dee vläicht net déi Envergure huet. Mä et ass kloer, wann eng Verwaltung wëllt méi e Fluid kréien, dann ass et wichteg, datt ee vläicht dat doten an Zukunft och virgesäit.

Ech mengen, ee Punkt, deen d'Madame Err schonn e puermol ugeschnidden huet, wat een och novollzéie kann, dat ass de Rekrutement vu Personal, datt se sech do wëllt méi Flexibilitéit ginn. Et däerf een natierlech net vergiessen, datt jo awer déi Institutioun ënnert Tutelle vun der Chamber steet. Et kann een also quasi vun enger parastaatlecher Struktur schwätzen. Mir mengen also, datt hei awer och missten d'Regele vun der Fonction publique an éischter Linn spillen.

Ech wëll awer dann och drop hiweisen, datt mer jo awer de 24. März hei en neie Statsbeamtestatut votéiert hunn an datt dee jo awer eng Rei nei Pisten opzeechent an eng Rei nei Méiglechkeete gëtt, wat de Rekrutement ubelaangt. Ech erënneren zum Beispill drun, datt an Zukunft déi Zäit, déi een am Privatsecteur verbruecht huet, beim Recalcul vun der Carrière ka ganz benotzt ginn. Fréier war dat net de Fall, oder et ass bis dato nach net de Fall. Ab dem 1. Oktober ass dat jo dann anescht. Op där anerer Säit kann ee jo awer och, wann een zwielef Joer Experienz an dem Privatsecteur huet, an de Statsdéngscht integréiert ginn. Ech mengen, dat sinn awer scho Méiglechkeeten, fir am Fong geholl e bësselche méi mat manner Barrièrë kënnen ze rekrutéieren. An do bidde sech am Fong geholl och nei Piste fir d'Fonctioun vum Ombudsmann respektiv fir déi ganz Verwaltung.

E wesentleche Punkt, deen och net nei ass, dee schonn e puermol hei diskutéiert ginn ass, dat ass natierlech d'Bezeechnung. Am Volleksmond gëtt gäre vum „Knoutermann" geschwat. Ech géif soen, dat ass zwar eng Bezeechnung, déi solle mer an Zukunft net méi benotzen. Onofhängeg dovun, datt op Lëtzebuergesch den Term „Mann" jo e Geschlecht duerstellt an awer den „Ombudsman" de Moment eng Fra ass, kléngt dat vläicht e bësselche pejorativ. „Knoutermann" passt op alle Fall net grad esou gutt. Mir sinn éischter der Meenung, datt ee soll op den Term vum „Ombudsman" zréckkommen, datt een deen och soll definitiv zréckbehalen.

D'Madame Médiateure hat jo do proposéiert, fir den Term vun „Ombudsmediateur" zréckzebehalen. Dat fanne mer awer trotzdeem, bei allem Respekt fir dee Virschlag, dach relativ komplizéiert. An ech wëll och hei mäi Fraktiounskolleeg Guy Arendt zitéieren, deen d'lescht Joer schonn op dëser Plaz gesot hat, datt dat e ganz onglécklechen a schwéierfällegen Term wier. Ech géif och soen, d'Meenung vun der DP huet sech zu deem Punkt och do entre-temps net geännert. Mir sinn also éischter der Meenung, esou wéi d'Petitiounskommissioun et och gesäit, fir dann op den Term vun dem „Ombudsman" zréckzekommen.

Op där anerer Säit gëtt jo dann och gefrot, fir zousätzlech Kompetenzen um Niveau vun de Mënscherechter ze kréien. Ech mengen, et ass evident, wann een déi Fonctioun huet, datt een d'office natierlech och muss Kompetenzen um Niveau vun der Wahrung vun de Mënscherechter hunn. Et däerf een natierlech net vergiessen, mir hunn do dräi Strukturen hei zu Lëtzebuerg, déi duerfir kompetent sinn. Duerfir misst an deem Gesetz, wat mer jo elo sollten eng Kéier hei diskutéieren - an där Proposition de loi -, vläicht och virgesi ginn, wéi wäit datt d'Kompetenzen och um Niveau vun de Mënscherechter hei wäerten an Zukunft fir den Ombudsmann spillen.

Eng aner wichteg Fro ass natierlech: Solle mer déi Institutioun an eis Verfassung aschreiwen? Selbstverständlech, eng Constitutioun vun engem Rechtsstat muss virun allem derfir suergen, datt de Bierger virum Stat, virun engem arbiträre Stat geschützt gëtt. An da läit et natierlech op der Hand, datt och déi dote wichteg Fonctioun soll eng institutionell an eng konstitutionell Basis kréien. Deen Iwwerleeungsprozess ass jo nach net ganz ofgeschloss. Mir verschléissen eis jiddefalls net, fir datt och gegebenenfalls zu engem gewëssenen Termin soll d'Fonctioun vum Ombudsmann an eis Constitutioun ageschriwwe ginn.

D'Madame Médiateure huet jo och bedauert - an net zu Onrecht -, datt vun deene 50 Recommandatiounen, déi bis elo opgestallt goufen, der eréischt 25 ëmgesat goufen. D'Regierung soll jo elo an Zukunft an engem Délai vun dräi Méint zumindest Stellung zu de Recommandatioune bezéien. Ech fannen dat eng gutt Approche, well dat erlaabt eis jo och, als Chamber dann och ze reagéieren, sief dat iwwert de Wee vu Question parlementaire, sief dat iwwer eng aner Initiative parlementaire.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll dann awer och nach e puer Wuert zum Rapport u sech vun 2014 hei soen. Wéi gesot, 689 Reklamatiounen, eleng dee Chiffer beleet jo, wat fir eng Importenz datt déi Institutioun entre-temps kritt huet. Verschidde Fäll, déi beim Mediateur agaange sinn, weise jo op Problemer hin, déi am Kontext vun zukünftege Gesetzesännerungen ugeschwat kënne ginn, zum Beispill op Säit 83 de Retour à meilleure fortune am RMG-Gesetz, wat jo och deemnächst soll hei dann iwwerschafft ginn.

Wat elo déi sozial Ofsécherung ubelaangt am Fall vun Incapacité de travail, esou menge mer, datt déi Problematik effektiv nach e bësse méi genee misst analyséiert ginn, well et jo awer do wierklech zu Härtefäll ka kommen an och eenzel Leit riskéieren, an eng prekär finanziell Situatioun domat ze kommen.

Och den interne Reklassement gouf jo thematiséiert. Ech mengen, op dat Thema brauch ech jo awer elo net méi anzegoen, well mer jo d'lescht Woch dat hei en long et en large diskutéiert hunn an och eng nei Gesetzgebung zréckbehalen hunn.

Dann ee Punkt, dee leider, muss ee soen, ëmmer erëmkënnt - zu Recht! -, wou een als Bierger och ongehale gëtt an net frou ass, dat ass deen natierlech, datt een entweder iwwerhaapt keng Äntwert op eng Ufro kritt oder datt et immens laang dauert. Och dës Kéier ass erëm deen een oder deen anere Ministère oder déi eng oder déi aner Verwaltung hei opgezielt ginn.

Ech gi ganz gären zou, dat mécht een als normalen Administré - an dat si mer jo och alleguerten - heiansdo, jo, scho queesch, wann een e Bréif schreift, et kritt ee keng Äntwert oder et dauert zwee, dräi Méint an da kritt een e lapidare Saz zréckgeschriwwen. Ech fannen, an engem Zäitalter, wou mer esou vill Wäert op d'Biergerbedeelegung leeën, esou vill Schutz dem Bierger wëllen an engem rechtsstaatleche Gebilde ginn, datt do de Bierger dann awer och soll gewësse Rechter hunn.

A virun allem een elementaart Recht ass dat, datt en och adequat behandelt gëtt, soudatt een ëmmer erëm muss drop hiweisen, och verschidde Verwaltunge vläicht muss drun erënneren, datt se awer och eng Flicht hu vis-à-vis vum Bierger an datt se och sollen a räsonabelen Délaien eng Äntwert ginn.

Dowéinst ass dat net méi wéi ze begréissen, datt jo elo d'Verwaltunge solle bannent engem Mount eng Äntwert ginn. Datt se sech natierlech kënnen awer e Sursis froen, ass evident. Ech mengen, et gëtt heiansdo ganz kniwweleg Dossieren, wou et evident ass, datt een net vun haut op muer kann eng Äntwert ginn.

Ech wëll an deem Kontext iwwregens emol nach eng Kéier un eng Proposition de loi vum fréieren Deputéierten Henri Grethen hei erënneren, dee jo deemools proposéiert hat, fir et ëmzedréien: Datt no dräi Méint, wa keng Äntwert komm ass, datt dat net e Refus soll bedeiten, mä datt et en Accord soll bedeiten.

Mir musse vläicht net onbedéngt zréckkommen, fir elo hei op déi Manéier ze légiféréieren, mä wierklech nach eng Kéier den Appell - dee gëllt net nëmme fir d'Verwaltungen, dee gëllt och fir d'Gemengen -, fir dach awer hei méi geziilt Äntwerten ze ginn, wa se scho vun de Bierger drop ugeschwat ginn.

Ech wëll an deem Kontext, och wann dat net esou direkt zum Rapport hei gehéiert, drop hiweisen, dat gëtt et regelméisseg - an et huet ee selwer schonn déi negativ Erfahrung gemaach -, wann een iergendwou an engem Büro urifft an den Tëlefon schellt Minutten a Minutte laang an et hieft keen op, dat ass einfach net novollzéibar. Et mengt ee jo, an engem modernen Zäitalter misst et dach méiglech sinn, datt no esou vill Appellen dat misst automatesch op eng Zentral ëmschalten, mä dat schéngt awer a ville Beräicher nach ëmmer net de Fall ze sinn. Och hei, wéi gesot, den Appell, datt awer vläicht emol géifen e puer Efforten zousätzlech gemaach ginn.

Da si mer och beim Punkt 7, wou higewise gëtt op eng Rei vu Formulairen, déi besonnesch um Niveau vun de Gemengen ausgestallt ginn, déi schwéier verständlech sinn. Jo, och do soll ee sech emol an d'Haut vun dem normalen Administré, jo, vun den normale Bierger versetzen. Sécher, ech mengen, een, deen all Dag mat juristeschen Termen ze dinn huet, mat Texter, Gesetzestexter ze dinn huet, fir deen ass dat praktesch eng Evidenz, wann en esou e Formulaire virgeluecht kritt. Mir mussen eis jo awer och, wéi gesot, an de Vis-à-vis versetzen, deen net all Dag domadder ze dinn huet. An duerfir wier et effektiv net vu Muttwëll, wann ee géif versichen, eng Rei vu Formulairë méi einfach duerzestellen, well dat fir d'Leit jo awer oft ganz problematesch ass.

Dann ass jo och an engem oder deem anere Fall drop higewise ginn, datt et laang gedauert huet, bis eng Interventioun kënnt, wou Leit dräi Méint u sech, sief dat telefonesch, sief dat schréftlech, sief dat op der Plaz selwer bei enger Verwaltung intervenéiert sinn, dat ouni Resultat. Och do muss ee sech awer munch Froe stellen, ob dat nach tragbar trotzdeem ass.

Ech mengen, ech wëll elo net hei pauschaliséieren, mir wëssen, datt eise Statsapparat duerch d'Bank ganz gutt fonctionnéiert. Natierlech gëtt et emol nach eng oder déi aner Schwaachstell. An dowéinst ass et jo och gutt, datt mer déi heiten Institutioun hunn, déi natierlech mam Fanger dorobber hiweist. An dat soll och an Zukunft esou geschéien.

Ech wëll dann och nach eng Kéier kuerz op de Punkt 13 hiweisen, wou jo suggeréiert gëtt, den Impôt minimum fir reliéis Gemeinschaften ze sträichen. Da si mer och ganz séier beim Punkt 14, wou eng Vereinfachung vun der Steiergesetzgebung jo och préconsiéiert gëtt. Ech wëll elo net deem hei virgräifen. Ech sinn alles aneschters och wéi e Spezialist an der Steiergesetzgebung. Mä mir wësse jo awer, datt dat fréier oder spéider wäert och hei en Thema ginn, soudatt een am Fong geholl dat och net brauch zu dësem Thema méi ze verdéiwen.

Ech wëll dann ofschléissend awer och drop hiweisen, datt et ganz interessant ass, datt sämtlech Kommissiounen hei aus der Chamber ëmmer Positioun bezéien. Déi, déi natierlech net concernéiert waren, haten et méi einfach. Anerer hu sech enorm vill Méi gemaach, flott Rapporte gemaach an och flott Iddien do développéiert.

Madame Presidentin, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll nach eng Kéier kuerz drop zréckkommen, wat ech aganks gesot hunn. Et waren natierlech Retizenzen, wéi d'Fonctioun vum Ombudsmann geschafe ginn ass. Ech mengen awer entre-temps, datt déi sech opgeléist hunn. Ganz au contraire, haut ass et eng Normalitéit, datt et de Mediateur gëtt. An d'Akzeptanz fir déi Institutioun ass am Laf vun de Jore ganz kloer gewuess.

Ech wëll och op eng Etüd vum Europaparlament hiweisen aus dem Joer 2014, déi och ganz positiv Zuele publizéiert huet. Do geet et zwar elo méi ëm Médiation civile et commerciale, mä do läit zum Beispill d'Zefriddenheet bei 70% um europäeschen Niveau. Och dat ass awer e Beweis, datt de Bierger déi Méiglechkeet, déi him do gebuede gëtt, fir sech ze artikuléieren, datt en déi awer positiv ophëlt.

Am Juni 2013 gouf jo dann och nach eng nei Direktiv iwwert de Règlement extrajudiciaire des litiges ugeholl souwéi och e Reglement fir d'Online-Resolutioun. Dat misst u sech och an noer Zukunft ëmgesat ginn, wat jo dann och nach eng Vereinfachung vun deenen eenzelne Prozedure wäert mat sech bréngen.

Jiddefalls, haut no zwielef Joer, wou een u sech kann een éischte verbindleche Bilan hei maachen, muss ee feststellen, datt et sech hei ëm eng Success Story handelt. Et muss een och feststellen, datt awer den Zäitpunkt komm ass, fir eng Reform vun der bestehender Gesetzgebung ze maachen, an ech mengen och kënnen hei ze soen, datt dat jo op alle Bänken esou gedeelt gëtt.

An deem Sënn, wéi gesot, wëll ech och nach eng Kéier ofschléissend e Merci ausspriechе fir déi Aarbecht, déi op deem Niveau geleescht gëtt. Ech wëll awer och dem Jean-Marie Halsdorf e grousse Merci soe fir säin explizitte Rapport, dee ganz interessant war, mat ganz vill statisteschem Material, mat ganz villen Aussoen, déi engem hëllefräich ware bei der Analys vun där ganzer Problematik hei. An, wéi gesot, d'Demokratesch Partei wäert och an Zukunft dës Institutioun an där Form ënnerstëtzen.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.*- Merci dem Här Graas. Als nächste Riedner ruffen ech op d'Tribün den Här Roberto Traversini. Här Traversini, Dir hutt d'Wuert.

M. Roberto Traversini *(déi gréng).*- Merci, Madame Presidentin. Dir Hären, Dir Dammen, am Numm vun der grénger Fraktioun wëll ech och fir d'Éischt dem Rapporteur Merci soe fir deen ausféierleche Bericht, gradesou gutt schréftlech wéi dann och mëndlech.

(M. Mars Di Bartolomeo reprend la présidence.)

De Rapport gouf natierlech am Detail vu menge Virriedner kommentéiert an dofir wäert ech versichen, mech kuerz ze halen an nëmme generell op verschidde Punkten agoen. Ech wëll elo net allze laang op d'Statistiken aus dem Rapport agoen, och déi si schonn hei kommentéiert ginn a kënne souwuel am Här Halsdorf wéi och an der Madame Err hirem Rapport nogelies ginn.

Vläicht just e kuerzt Wuert zum Taux de correction global vun eiser Médiateure, deen d'lescht Joer bei méi wéi 82% louch. Dësen Taux ass beandrockend héich, zemools wann ee bedenkt, datt vun der Madame Err an hirer Équipe d'Joer ronn 700 - 689 fir ganz genee ze sinn - Dossieren hu missen traitéiert ginn. Am Spëtzemount Januar waren et der souguer siwe pro Schaffdag, déi erakomm sinn, a si hu sech misse ganz schnell domadder befaassen an och do no Léisunge sichen.

Den héijen Taux de correction global schwätzt also ouni Zweifel fir déi gutt Aarbecht vun eiser Médiateure, déi, säitdeem si hiert Amt ugetrueden huet, sech dorëms beméit huet, fir bei Fäll vu Litigë béid Säiten un en Dësch ze bréngen, perséinlech Kontakter ze schafen a Mëssverständnisser, déi méiglecherweis am Virfeld tëschent deenen zwou Parteien entstane sinn, aus dem Wee ze raumen.

Une voix.- Très bien!

M. Roberto Traversini *(déi gréng).*- Och an hirem Sproochgebrauch ass d'Madame Err nach wie vor accessibel, e Fait, dee sech sécherlech och an hirem impressionnanten Taux de correction global erëmspigelt. Der Madame Err an hirer Équipe wëll ech bei dëser Geleeënheet am Numm vun der grénger Fraktioun fir hir Aarbecht gratuléieren an och Merci soen.

Loosst mech awer elo erëm op de Rapport zréckkommen. Genee wéi och d'Rapporte vun deene puer Jore virdrun, beweist och dëse Rapport, datt d'Institutioun vun der Médiateure eng wichteg Institutioun hei am Land ass. D'Médiateure ass de Vermëttler tëschent dem Bierger an dem Stat. Si dréit derzou bäi, datt d'Bierger méi einfach zu hire Rechter kommen, awer och vläicht ze verstoen, datt d'Verwaltungen oder d'Gemengen heiansdo recht hunn.

Wéi d'Madame Médiateure hei gesot huet, ass et och wichteg, datt ee sech heiansdo einfach emol ronderëm en Dësch sëtzt an datt d'Leit dann, déi d'Gefill hunn, datt se recht hunn - déi awer am Fong geholl net recht hunn -, datt eng neutral Persoun do ass, déi hinnen awer ka soen: Hei lauschtert, d'Verwaltung huet awer recht. An dofir ass dat och fir eng Gemeng vläicht ganz wichteg, datt een net ëmmer erschreckt, wann een dee Bréif kritt an dann e bësse flucht, mä datt ee vläicht de Bréif hëlt, sech dohinnersëtzt mat de Servicer, an dann ass oft d'Resultat, datt déi Persoun vläicht net recht kritt, mä si huet awer wéinstens d'Recht gehat (veuillez lire: d'Recht gehat, gehéiert ze ginn) a si fillt sech wierklech positiv behandelt; och wa se herno net kann, zum Beispill, déi Baugenehmegung kréien, déi se wëllt.

Ech mengen, datt dat wierklech de Gemengen och kann hëllefen. Doduerch kann d'Médiateure Inegalitéite bekämpfen. An ech mengen, mir sinn eis all eens, datt si eng essenziell Institutioun an eisem demokrateschen a rechtsstaatleche Land ass.

Wéi d'lescht Joer wëll ech och haut erëm e puer Wuert zur Debatt iwwert d'Dénominatioun vun eiser Médiature verléieren. Och fir déi gréng Fraktioun ass den Term „Ombudsman" eng ganz gutt Léisung, dëst well den Term „Médiateur" a „Médiatrice" zu Confusioun ka féieren, well et jo am Private Mediateure gëtt, déi a verschiddenen ziville Beräicher agéieren. Et gëtt awer och aner Grënn: Zum engen ass den Term international bekannt. Et ass en Term, deen och iwwerall Synonym ass mat dërselwechter Missioun: Vermëttele bei Konflikter tëschent Bierger an den Administratiounen.

Op där anerer Säit ass den Term, deen a Schweden säin Ursprong huet, geschlechtsneutral. Et spillt also keng Roll, ob grad e Mann oder eng Fra d'Amt ausüübt, den Titel vun der Amtsträgerin an dem Amtsträger ass a béide Fäll ganz einfach „Ombudsman" mat engem „n".

D'Propos, fir d'Défense vun de Mënscherechter explizitt an der Compétence générale vum Ombudsmann festzeleeën, ass en anert Thema, dat och scho vill an deene leschte Joren hei diskutéiert ginn ass. Och heizou hat ech mech d'lescht Joer schonns geäussert. Och wa mir natierlech kee Problem mat dëser Iddi hunn, froe mer eis weiderhin, firwat dëst onbedéngt néideg soll sinn. Engersäits huet den Ombudsmann déi Kompetenz implizitt souwisou schonns. Anerersäits däerfe mir net vergiessen, datt et och aner Institutiounen hei am Land ginn, déi am Beräich vun der Verteidegung vun de Mënscherechter Kompetenzen a spezifesch Missiounen hunn.

Esou gëtt et jo zum Beispill den Ombudscomité fir d'Rechter vum Kand, deen ënner anerem dofir zoustänneg ass, fir d'Situatiounen, an deene Kanner hir Rechter net respektéiert ginn, ze ënnersichen a fir doropshi Recommandatiounen auszeschwätzen. Den ORK huet och eng Vermëttlerroll, wann et drëms geet, de Kanner hir Rechter beschtméiglech ze schützen.

En anert Beispill: d'Commission consultative des Droits de l'Homme, e consultatiivt Organ, dat mat sengen Avisen an Etüden der Regierung a Mënscherechtsfroen zur Säit steet. Mir mengen, datt dës spezialiséiert Institutioune sollen an deene Beräicher schaffen, an deene si hir spezifesch Kompetenzen hunn, an datt si, wann et Kompetenziwwerschneidunge ginn, natierlech och zesummeschaffe sollen an och mussen.

Dësen Usaz ass zwar méi pragmatesch, mä, menge mir, sécherlech méi wäertvoll wéi d'Formaliséierung vun enger Funktioun, déi den Ombudsmann souwisou schonn erfëllt, och wann dat eent dat anert natierlech net ausschléisst.

Et huet mech awer dofir immens gefreet, fir gewuer ze ginn, datt d'Madame Err och elo scho regelméisseg mat dësen zwou Institutioune wéi och mam Centre pour l'égalité de traitement zesummeschafft. Ech si sécher, datt mir dës Zesummenaarbecht an Zukunft nach weider kënne stäerken. Ech denken hei virun allem un de Projet vun der Maison des Droits de la personne humaine (veuillez lire: Maison des Droits de l'Homme), deen, wéi Der bestëmmt wësst, am Regierungsprogramm festgeluecht ass. Et wier natierlech och flott, wann dat géif da gemaach ginn.

Bei dësem Projet geet et drëms, datt all Organisatiounen, déi sech ëm d'Défense vun de Mënscherechter an der Chancëgläichheet këmmeren, raimlech zesummegesat solle ginn, fir datt si esou hir Aktivitéite besser mateneen ofstëmme kënnen. D'Iddi ass och, datt den Ombudsmann an dësem Haus soll sinn, fir datt dës Institutioune méi einfach kënne wierklech zesummeschaffen. Dëst hätt sécherlech och Virdeeler fir de Bierger, deen duerch esou e gemeinsamen Accueil an eisem Guichet unique et da méi einfach hätt, dee richtege Service ze fannen.

Eng aner Propos vun der Médiatrice: fir d'Institutioun vum „Ombudsman" an d'Constitutioun anzeschreiwen. Momentan gëtt den Ombudsmann nämlech nach net am Constitutiounstext erwähnt an dofir ass de Service vun der Institutioun nach net um konstitutionellen Niveau garantéiert. Mir sinn der Meenung, datt et derwäert ass, fir dës Fro méi ausféierlech ze diskutéieren, wat jo och schonn an der zoustänneger Chamberskommissioun gemaach gëtt.

Wéi all Joer steet dann och dëst Joer zur Diskussioun, ob d'Missioun vum Ombudsmann soll méi breet definéiert ginn. Dës Iddi hu mir als Gréng nach ëmmer ënnerstëtzt. Mir sinn der Meenung, datt den Ombudsmann soll iwwerall do kënnen aktiv ginn, wou eng Mission de service public assuréiert gëtt a wou och ëffentlech Gelder fléissen, fir de Finanzement vun esou engem Service ze ënnerstëtzen.

Dat kann am Beräich vum ëffentlechen Transport sinn, mä och bei de Maison-relaisen, de private Schoulen, Foyer-de-jouren an esou weider. Mir mengen, datt et eng kloer Ongerechtegkeet ass, wann een Deel vun de Bierger am Fall vun engem Konflikt mat engem Prestataire de service kann op den Ombudsmann zréckgräifen an deen aneren Deel net.

Hei wëll ech ervirsträichen, datt mir eis dës Ongläichheete weder dierfen aus dem Point de vue vum Ombudsmann nach aus deem vun der Regierung betruechten. Neen, hei geet et eenzeg an eleng, fir d'Saach aus der Siicht vun der Utilisatrice respektiv vum Utilisateur vun den Déngschtleeschtungen ze gesinn. Mat dëser Approche kënnt een da ganz séier zu enger Konklusioun: Et ass nämlech ganz egal, ob engem säi Kand an engem ëffentlechen oder an engem private Foyer de jour versuergt gëtt, wann eppes schifgeet, muss ee kënnen op dem Ombudsmann seng Servicer zréckgräifen.

Une voix.- Richteg!

M. Roberto Traversini *(déi gréng)*.- D'Kritik aus der Privatwirtschaft zu dëser Propos vun enger Missiounserweiderung, no där d'Madame Err jo och erëm an hirem Rapport vum leschte Joer freet, bleift natierlech net aus. Oft gëtt gesot, datt et kéint zu enger ongläicher Konkurrenzsituatioun kommen, wa verschidden Entreprisen ënnert d'Kompetenz vum Ombudsmann falen an anerer net. Dat ass eiser Meenung no awer kee valabelt Argument. Ganz am Géigendeel, privat a konventionéiert Akteuren, déi eng Mission de service public erfëllen, ginn dee Moment ebe grad d'selwecht behandelt wéi ëffentlech Servicer.

Allerdéngs ass et wichteg, datt een eng kloer Definitioun vun der Notioun „service public" gëtt. Schonn am Débat d'orientation iwwert de Rapport vum Mediateur am Joer 2012 war gesot ginn, datt d'Institutiounskommissioun den Optrag sollt kréien, fir eng genee Definitioun vun der Notioun vun „service public" ze liwweren. An där Definitioun sollt zum engen d'Natur vum Service berücksichtegt ginn an op där anerer Säit de Prozentsaz vum ëffentleche Finanzement.

De politesche Wëllen, fir op dësem Punkt virunzekommen, ass do. Dëst geet jo och aus dem Här Halsdorf sengem Rapport ervir. Déi gréng Fraktioun hofft dofir, datt mir eis esou séier wéi méiglech kënne fir e Léisungsusaz entscheeden, fir datt all Konsumenten a Konsumentinnen vu konventionéierten ëffentleche Servicer op d'Déngschtleeschtunge vum Ombudsmann zréckgräife kënnen.

Fir ofzeschléisse wëll ech nach eng Kéier op dat exzellent Aarbechtsverhältnis tëschent dem Mediateur an der Chamber hiweisen. An ech hoffen, datt dëst gutt Aarbechtsverhältnis an nächster Zukunft och weiderhi seng Friichte wäert droen. E grousse Merci un d'Madame Tescher, eis Attachée an der Petitiounskommissioun, fir hir exzellent Aarbecht. E grousse Merci un Iech, datt Der mer nogelauschtert hutt. An dee leschte Merci geet un de Sven.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci dann och dem Här Traversini fir seng Mercien. An d'Wuert huet elo direkt den Här Roy Reding.

M. Roy Reding *(ADR)*.- Merci, Här President. Léif Kolleegen, den Ombudsmann ass fir eis als ADR genau wéi fir all déi aner Fraktiounen heibannen eng extrem wichteg Institutioun. De Gusty Graas huet mat Recht gesot, et ass eng Institutioun, déi de Bierger viru Verwaltunge schützt, virun Décisiounen, déi oft - zu Recht oder zu Onrecht - als falsch oder ongerecht ugesi ginn. Mä si schützt och d'Verwaltung, wat och ganz richteg gesot ginn ass, well de Bierger och kann erkläert kréien, firwat datt e ganz einfach objektiv net kann a senger Subjektivitéit recht kréien.

Ëmmer wann tëschent zwee Leit, an dat gëllt dann eben och fir Bierger a Verwaltungen, e Problem besteet, kann nach just en Drëtten hëllefen. Natierlech kann deen Drëtten e Geriicht sinn. A Gott sei Dank hu mer hei am Land en exzellent Verwaltungsgeriicht, wat exzessiv gutt funktionéiert a virun deem scho ganz oft Bierger recht kruten a falsch, illegal oder ongerecht Décisioune vu Verwaltungen annulléiert oder reforméiert goufen, an dat souguer am Verglach zu anere Juridictiounen am ziville Beräich an absolutt annehmbaren Délaien.

Mä déi Procédure virun engem Verwaltungsgeriicht huet natierlech Nodeeler! Fir d'Eischt emol bedéngt se Käschten, Käschte virun allem fir den Affekot, deen ee muss engagéieren a wou een, ausser et kritt een de Géigner zu Dommages-intérêts oder zu enger Indemnité de procédure veruerteelt, drop sëtze bleift, och wann ee recht kritt. Zweetens ass et ëmmer eng contentiéis Léisung, eng Léisung am Sträit an net am Dialog. An dann drëttens, ech mengen, dat ass dat Wichtegst heibannen, ass et ëmmer nëmmen eng Léisung fir dee konkrete Fall an net fir ähnlech gelagert Fäll.

Duerfir ass et exzellent, datt deen Drëtten, anstatt e Geriicht ze sinn, eisen Ombudsmann ka sinn, e Vermëttler. Seng Servicer si gratis, dat soll een net vergiessen. E fënnt eng Léisung ganz oft am Dialog. A virun allem, an dat ass dat Allerwichtegst, wa Problemer récurrent sinn, kann e Recommandatioune maachen hei un d'Chamber. Dat muss dann hei debattéiert ginn, respektiv och Verwaltunge loosse sech vläicht emol déi eng oder déi aner Kéier dozou bewegen, déiselwecht Feeler net ëmmer erëm ze maachen.

Wichteg ass eben, datt mer hei am Haus kënnen och legislativ Schrëtt ënnerhuelen. Duerfir deet et mer e bësse leed, datt den Ombudsmann a sengem dësjährege Rapport keng Recommandatioune méi mécht, mä just nach Suggestiounen. Elo kann ee mam Cécile Hemmen d'accord sinn a soen, dat sinn „filigran" Ënnerscheeder, mä d'Recht op d'Recommandatiounen ass nun eemol gesetzlech virgesinn! An ech zitéieren hei de fréieren Ombudsmann, deen eng Kéier gesot huet: «Le pouvoir de formuler des recommandations et de procéder à leur publication est un moyen d'action utile et valorisant dans l'exercice de la magistrature d'influence du Médiateur.»

An ech mengen, et ass genau dat, déi „magistrature d'influence", déi wichteg ass, de Verwaltunge kënnen ze soen: „Änert Ar Prozeduren!", oder eis hei ze soen: „Änert verschidde Gesetzer!".

Ech wëll op déi Suggestiounen elo net méi agoen - et ass schonn alles hei gesot ginn, just nach net vu jidderengem -, ausser op zwou: D'Législation fiscale soll vereinfacht ginn. Ech liesen dann, datt an där zoustänneger Kommissioun och den Direkter vun der Administration des contributions directes domadder d'accord war, d'Kommissioun domadder d'accord war. Da wäert deem jo elo net méi vill am Wee stoen, datt mer do verschidden ural Geschichten endlech vum Dësch kréien.

E Wuert iwwert d'Suspension du délai de recours, iwwert déi rieds gaangen ass. Ech verstinn d'Bedenke vun der Kommissioun, déi seet: „Ma wann do Drëtter befaasst sinn an d'Befaasse vum Ombudsmann zitt mat sech, datt d'Délais de recours suspendéiert sinn, dann ass dat e Moyen dilatoire, da kann een déi Saach nach méi laang an d'Längt zéien. An dat wëlle mer net."

Dat ass ganz richteg. Mä an all deenen Affären, wou nëmmen individuell Intérête sinn, ass et awer ganz wichteg! Well ganz oft, esou gutt wéi den Ombudsmann ass an esou schnell wéi e schafft, kann en e Problem net am Délai contentieux vu 40 Deeg oder vun dräi Méint léisen. An do wier et extrem wichteg, datt een dem Ombudsmann och déi néideg Zäit a Rou géif ginn, fir mat där zoustänneger Verwaltung ouni deen Drock vun deem Délai kënnen eng Léisung ze fannen, respektiv net de Bierger ze zwéngen, awer viru Geriicht ze goen, just well seng Aktioun soss irrecevabel wier.

Do kann ee sech e Beispill huelen. Et ass gesot ginn: „Mir kucken emol, wat se an der Belsch maachen." Ma ech soen Iech e ganz konkret Beispill, aus der Praxis: An der Belsch gouf eng Décisioun vum Steieramt annulléiert, obwuel sämtlech Recoursméiglechkeeten eriwwer waren a sämtlech Délaien eriwwer waren, einfach well agesi gouf, datt et eng falsch Décisioun war. Eng falsch Persoun hat op eng falsch Adress e Steierbescheed geschéckt kritt, à tort. An do ass gesot ginn: „Ongerecht bleift ongerecht, egal wat eis Prozedure soen. An dat dote gëtt annulléiert."

Suerge mécht mir perséinlech de Réckgang vun den Affären. Wa mer op déi vergaange Berichter zréckkucken, gesi mer, datt ënnert dem Ombudsmann, dem viregten Ombudsmann, déi Zuel u sech ëmmer eropgaangen ass, d'Dausendergrenz iwwerschratt huet am Bericht 2010-2011 an datt elo, wa mer de Bericht 2011-2012 huele vum jëtzegen Ombudsmann an deen op zwielef Méint ëmrechnen, hu mer schonn e Minus vun 20%. 2013 ass et e Minus vu 40%. An op där relativ niddreger Zuel schéngt dat sech ze stabiliséieren. Wéi erkläert sech dat? Firwat gi manner Affären unhängeg gemaach? Dat misst een emol qualitativ ënnersichen, ouni awer elo an d'Exzesser vu Statistiken ze falen!

Hei ass gelueft ginn deen Taux de correction, deen esou schrecklech héich wier. Ech fannen, dat ass irreführend. Well wann ee kuckt wéi vill Korrektioune gemaach goufen, wou wierklech de Bierger recht kritt oder zum Deel recht kritt, da leie mer net bei 82%, mä bei 27%. Mä do gesäit een, wéi een d'Zuele kann hin- an hiertässelen, bis datt se engem gefalen. Mir sollen hei keng schéin Zuelen hunn. Mir sollen e gudde Service hu vum Ombudsmann, gutt Recommandatiounen, iwwert déi mer hei debattéieren.

Mir stelle jiddefalls fest, datt no ufängleche Schwieregkeeten den Ombudsmann elo nees a gudde Gewässer ass, op deem richtege Wee ass. Mir warnen allerdéngs virun engem iwwerdriwwenen - an dat hu jo och schonn aner Kolleegen hei gesot - Pouvoir d'instruction oder d'investigation. Et soll net eng allgemeng Kontrollinstanz si vu Verwaltungen oder géint Verwaltungen. Et soll genau dat sinn, wat et ass: nämlech de Vermëttler tëschent engem konkrete Bierger an engem konkrete Fall mat senger Verwaltung, mat där betraffener Verwaltung.

Duerfir wënschen ech mer eng Zounahm vun de Fäll, fir datt mer verschidde récurrent Problemer an de Grëff kréien. Wa méi Fäll do sinn a méi Recommandatioune kommen, déi besser dokumentéiert sinn, dann huet een och méi eng gutt Handhab, fir verschidde Prozeduren endlech ze änneren. Ech erënneren un d'Affär vum Enregistrement, vun der TVA, wou récurrent Leit Bulletinen zougestallt kréien, déi net richteg sinn, déi aus iergendengem Grond hir Délaie verpassen an déi dann absolutt keng Méiglechkeet méi hunn, nach just dat mussen ze bezuelen, wat se dem Stat och wierklech schëlleg sinn.

An deem Sënn: Gutt Weiderliewe vum Ombudsmann, vun der Institutioun Ombudsmann. Et ass eng exzellent Saach. An ech soen dem Rapporteur Jean-Marie Halsdorf ganz speziell Merci fir deen exzellente Rapport, deen eis alt nees eng Kéier gewisen huet, wat fir eng wichteg Institutioun dat ass.

Ech soen Iech Merci.

M. Fernand Kartheiser *(ADR)*.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci och dem Här Reding. A leschten ageschriwwene Riedner ass den Här David Wagner.

M. David Wagner *(déi Lénk)*.- Merci, Här President. Ech wollt och dem Rapporteur Merci soe fir säi Bericht, deen e gemaach huet, an natierlech och der Madame Médiatrice Merci soe fir hir Aarbecht, déi se geleescht huet. An och all hire Mataarbechterinnen a Mataarbechter, déi, wéi mer gesinn hunn, immens vill Aarbecht leeschten a gutt Aarbecht leeschten.

Nodeems déi Institutioun a Schweden schonn am 19. Jorhonnert agefouert gouf, an enger Form, déi natierlech nach weiderentwéckelt gouf, an nodeems dee Modell a ville Länner uechtert d'Welt ugewant gouf, huet Lëtzebuerg mat liichter Verspéidung déi Institutioun och agefouert virun enger Dose Joren. Den Ombudsmann soll u sech e Verteideger vun de Rechter vun de Bierger géigeniwwer vun der Administratioun sinn, ouni awer als Ukloer vun der Administratioun ze handelen.

De Mediateur ass dofir do, fir d'Leit ze begéinen, fir hinnen nozelauschteren, fir am Dialog ze probéieren, tëschent der Verwaltung an dem eenzelne Bierger Léisungen ze sichen, fir ze verstoen, wat gewollt ass op där enger oder anerer Säit, fir ze beroden, souwuel d'Verwaltung wéi och de Reklamant. Well och d'Verwaltung muss, wa se e Rot kritt vum Mediateur, deen unhéieren an dann, wéi gesot, duerch seng Iwwerzeegungskraaft eng Léisung proposéieren, déi vun deenen zwou Säite kann ugeholl ginn. Beim Mediateur ass et net esou wéi virum Geriicht, wou et heescht, deen een huet gewonnen, deen aneren huet verluer. Et gëtt keen, dee soll verléieren.

Fir dës Funktioun ze erfëllen, ass et evident, datt de Mediateur, den Ombudsmann, iwwer Mëttele verfüge muss, souwuel materiell wéi finanziell Mëttelen, awer och iwwer legal Mëttelen. Dofir och misst ee sech awer eng gewëssen Autonomie an der Astellungspolitik vum Ombudsmann iwwerleeën, well ech menge schonn, datt déi Sënn géif maachen.

An der Kommissioun gouf sech och endlech entscheet, fir deen Term „Ombudsman" ze benotzen. Et gouf och schonn hei gesot, deen Term kënnt aus dem Schwedeschen, en ass geschlechtsneutral. Ech wousst dat och net. Ech duecht och, et géif „Mann" heeschen. Mä et heescht jo „Persoun". Mä ech mengen, den Term ass jo och net onschëlleg. Et geet net nëmmen ëm d'Terminologie, well et geet och drëms ze wëssen, wat dann en Ombudsmann och réellement muss maachen.

Och wa mir den Ombudsmann dann esou nennen, da verfüügt hien awer nach net iwwert déi Befugnisser vun engem Ombudsmann. Dat betrëfft dann och de Fall vun der Autosaisine an natierlech och den Droit d'enquête. Zurzäit gesäit d'Gesetz vir, datt den Ombudsmann zwar Propose maache kann, déi de Fonctionnement vun engem Service verbessere kënnen. De Problem ass awer deen, datt den Ombudsmann da muss den Administratioune Froe stellen, déi wäit iwwer e konkrete Fall ginn. Hie muss dofir iwwer e Pouvoir d'enquête verfügen, natierlech keng Enquête géint d'Administratioun, mä wou d'Administratioun matspillt, well schlussendlech eng Léisung au bénéfice de tous soll fonnt ginn.

Et gouf argumentéiert, datt bei esou engem Droit d'enquête étendu oder élargi d'Confidentialitéit vun de perséinlechen Date misst wéinstens geséchert ginn, oder si wieren a Gefor. Ech mengen, datt dat net onbedéngt e gutt Argument ass. Engersäits gëtt et deen Droit d'enquête jo och, dat gëtt jo praktizéiert op anere Plazen. Zweetens huet de Mediateur elo och schonn en Droit d'enquête, wat déi sougenannten „lieux privatifs de liberté" ugeet, also Schrasseg an aner Plazen. A bis elo huet jo och de Secret professionnel gewierkt a Problemer si jo och net opgetaucht.

Et gëtt och argumentéiert, dat géif ze wäit féieren, well d'Chamber och e Pouvoir d'enquête huet a soll ausüben, well mir kënne jo natierlech Commission-d'enquêten aféieren. Mä mir wëssen awer ganz genau, wat dat bedeit, eng Commission d'enquête. A mir wësse ganz genau, datt eng Commission d'enquête schonn eppes relativ Exzeptionelles ass. Ech sinn natierlech och bereet doriwwer ze diskutéieren, datt, wa mer soen, d'Chamber huet dee Pouvoir vun enger Commission d'enquête, dat géif ganz konkret heeschen, datt mer net all 25 Joer eng Commission d'enquête aberuffen, mä datt mer dat regelméisseg géife maachen, an och zu manner brisanten Dysfonctionnementer wéi

dat elo viru Kuerzem jo och de Fall war a wéi dat dann och praktizéiert gëtt an anere Länner.

Mä dat géif dann och bedeiten, datt dës Chamber nach méi misst opgewäert ginn, wougéint ech wierklech och näischt hunn. Dat géif natierlech och méi Personal bedeiten, souwuel fir d'Chambersadministratioun wéi och fir d'Deputéiert selwer. Ech sinn deen Éischten, deen dat géif matdroen. Mä mir si jo elo net an deem Cas de figure, dat ass net d'Diskussioun. Trotzdeem wollt ech awer nach vun der Geleeënheet profitéieren, fir d'Propos ze maachen, datt mer vläicht eng Kéier och driwwer diskutéieren, inwiefern mer eng Diskussioun kënne féieren iwwert d'Opwäertung vun dëser Chamber. Mä bon!

Dat gesot, gëtt et och jo nach déi Diskussioun, inwiefern de Mediateur selwer eng Propos ka maachen un déi zwou Partien oder eng Solution à l'amiable kann ustriewen. Ech mengen, déi zwou Léisunge sinn ouni Virdeeler. Et ass net ëmmer esou einfach, sech eng Relioun ze bilden. Et kann een awer bei der Résolution à l'amiable sech vläicht d'Fro stellen, ob de Bierger à armes égales dosteet, quitte datt dem Ombudsmann seng Aarbecht déi ass, derfir ze suergen, datt déi zwou Partien duerno an enger Win-win-Situatioun sech eenege sollen. D'Fro stellt sech awer an deem Fall: Wat geschitt, wann den Administré net mat der Résolution à l'amiable zefridden ass? Mä bon, ech hu mer do keng Relioun nach gebilt.

Wann een iwwert d'Mëttelen och schwätzt, déi dem Ombudsmann zur Verfügung gestallt ginn, da muss ee sech och iwwert de Champ de compétence eens sinn. D'Madame Err huet dës Fro opgeworf. An ech mengen, dës Fro mécht u sech eng ganz interessant Diskussioun op: Soll de Mediateur nëmme befuugt sinn, an den ëffentlechen Administratiounen anzegräifen? Oder soll e kënne méi wäit goen, an zwar iwwerall do agräifen, wou eng Mission de service public geleescht gëtt?

Et gouf gesot, et misst ee sech dann dat iwwerleeën, wat fir Servicer respektiv Secteure betraff wieren, an et misst een dat och festleeën. Et gouf och gesot, an dat ass och richteg, datt ee schonn emol och déi Etablissementer kéint betruechten, déi iwwer eng Konventioun mat enger Gemeng oder mam Stat verfügen, well déi dann och souwisou mat ëffentleche Gelder finanzéiert ginn.

Mä, ech mengen, et muss een awer och e bësse méi wäit goen an amplaz vu Servicer oder Secteuren, mengen ech, misst een éischter de Begrëff „Beräicher" benotzen. Wat fir Beräicher considéréiere mir als Beräicher, déi eng Mission de service public erfëllen? Bon, da kann een der eng ganz Partie opzielen, déi och eng Legitimitéit hunn: Dat wier dann d'Bildung, dat wier d'Gesondheet, dat wier den Transport, dat wier d'Kommunikatioun, dat wieren, deemno wéi, souguer och d'Finanzen, dat wier och deemno wéi souguer de Logement.

An da spillt et weider keng Roll, ob e Prestataire ëffentlech oder privat oder hallef ëffentlech oder hallef privat ass, mä dat wat zielt ass dat, a wat fir engem Beräich en täteg ass. Et gouf och scho virdru gesot. Ech mengen, wann d'Privatwirtschaft och der Meenung ass, si misst gewëssen Deeler, gewësse Missioune vu Services publics erfëllen, da muss se och kënnen akzeptéieren, datt se och ënner ähnleche Konditiounen analyséiert, kontrolléiert gëtt wéi den ëffentleche Secteur.

En anere Punkt, deen den Ombudsmann gäre géif preziséieren, ass seng Roll, wat d'Verteidegung vun de Mënscherechter ugeet. Den Ombudsmann berifft sech do op eng Recommandatioun vum Conseil de l'Europe an och op d'Charte européenne des droits fondamentaux. Den Ombudsmann soll also derfir suergen, datt d'Administratioune sech Norme ginn, déi d'Mënscherechter vun den Administréierte sécheren. Do gouf erëm argumentéiert, dat misst een nëmme bei enger individueller Saisie maachen. An et gëtt och ëmmer erëm drop verwisen, datt et aner Organisme ginn, wéi d'CCDH oder wéi den ORK, déi sech ëm d'Mënscherechter bekëmmeren an hire Beräicher.

Jo, zum Beispill, et gëtt natierlech eng Commission consultative des Droits de l'Homme. An dës Kommissioun huet och eng kloer Missioun: Si schafft Avisen aus, déi oft héich interessant sinn an och ganz couragéiert sinn an och souwuel der Regierung wéi och der ëffentlecher Meenungsbildung hëllefen. Mä wéi den Numm et scho seet: Et ass eng „konsultativ" Kommissioun, an déi huet eng ganz aner Missioun. Och wann d'Kommissiounen d'accord domadder sinn, fir d'Protektioun vun de Mënscherechter an d'Gesetz vun 2003 anzeschreiwen, muss een awer och do erëm dem Mediateur déi Méiglechkeete ginn, dës Missiounen ze erfëllen.

Schlussendlech, an et schéngt jo och e Konsensus sech ze degagéieren, soll den Ombudsmann an der Verfassung ageschriwwe ginn. Wou, dat steet awer nach op. Mä erëm eng Kéier: Wichteg ass, datt den Ombudsmann seng Aarbecht maache kann. An do däerfe mir net zécken, dee Wee anzeschloen, deen aner Länner mat Erfolleg scho viru Jorzéngten ageschloen hunn.

Ah, ech hunn nach eng Minutt! Fir eng Kéier, wou mer Zäit iwwreg bleift, wollt ech nach eng kleng...

(Hilarité)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Dir kënnt lech erëmkafen.

M. David Wagner *(déi Lénk).*- Jo, dat kann ech och maachen. Mä ech wollt nach profitéieren...

(Interruptions diverses)

Voilà, elo si se schonn erëm fort!

(Hilarité et interruptions)

Also, dat gëtt net esou gerechent.

Neen, mä ech mengen, wat d'Publicitéit ubelaangt: Mir gesi jo, datt den Ombudsmann jo och vill Reklamatioune kritt an esou weider. Ech mengen, mir sinn all oft dovunner betraff als Deputéierten oder als Gemengeconseiller oder wat och ëmmer, datt een oft ugeschwat gëtt oder ugeschriwwe gëtt vu Leit, vu Bierger, déi wierklech an enger ganz komplexer, fir net ze soen heiansdo souguer desolater Situatioun sinn, a si versichen onbedéngt Hëllef ze kréien.

An da wëlle se natierlech och déi Hëllef kréie vun engem Mandataire. An oft kann een natierlech och selwer net méi vill maachen, a mir ass et op jidde Fall och schonn oft virkomm, datt ech gesot hunn: „Ma kuckt emol, fir bei de Mediateur ze goen." An oft kritt een awer vun deene Leit mat, datt se guer net wëssen, datt déi Institutioun trotzdeem iwwerhaapt existéiert. Dat geschitt nach relativ oft. Oft sinn et och Leit, déi, wéi soll ech soen, net onbedéngt esou gewinnt sinn, mat Administratiounen ëmzegoen. A vläicht wier et och nach un der Zäit, fir erëm eng Kéier eng gréisser ugeluechte Campagne ze maachen, fir déi Institutioun nach méi bekannt ze maachen.

Ech soen lech Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci och dem Här Wagner. An d'Wuert huet elo direkt d'Regierung mam Premierminister.

Prise de position du Gouvernement

M. Xavier Bettel, *Premier Ministre, Ministre d'État.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mer, am Numm vun der Regierung da Positioun ze huelen. Ech ginn elo net an den Detail a vun all den Texter, vun all de Propositiounen, déi och agaange sinn. Ech mengen, dass do an der Petitiounskommissioun, wann do Demandë sinn, selbstverständlech d'Regierung lech zur Verfügung steet och, fir op déi verschidden eenzel Punkten anzegoen.

Erlaabt mer just, e puer Feststellungen ze maachen, Här President!

Déi Éischt ass déi, wou mer och scho beim Virgänger vun der Madame Err de Constat gemaach hunn: dass d'Plaz vun engem Ombudsmann oder enger Ombudsfra zu Lëtzebuerg wierklech gebraucht ginn ass, dass et eng Revendicatioun ass, déi laang Zäit gebraucht huet, fir ze kommen, an dass wierklech de Bierger frou ass, dass en dat huet - och wa verschidde Leit se als „Knouterpersoun" benotzt hunn (veuillez lire: bezeechent hunn) -, dass en awer bei enger Persoun do déi Plaz fënnt, wou en nogelauschtert kritt, wou e Rot kritt a wou en d'Gefill huet, dass een em nolauschtert a seng Problemer och versteet, ouni em eng Léisung ze garantéieren, dass versicht gëtt op jidde Fall alles ze maachen, wat méiglech ass, fir eng Äntwert op d'mannst ze ginn.

Eng Äntwert, jo, well mir mierken och, dass et bei verschiddenen Administratioune méi schwéier ass, och heiansdo Äntwerten ze kréien. An d'Madame Err intervenéiert dann och regelméisseg bei mir, fir mer ze soen: „Hei, Här Premierminister, do an do waarden ech nach ëmmer op eng Äntwert", wou ech de Message dann och weiderginn un d'Kolleegen, fir esou séier wéi méiglech, och am Respekt vun engem Stat, och déi Äntwerten ze ginn.

An deen dote Kontext erlaabt mer net ze soen, dass dat d'Situatioun wäert verbesseren, mä mir mengen och als Regierung, dass déi Transparenz vun der Verwaltung eng wichteg Etapp ass, déi verschidden Aarbechten, déi am Moment och d'Ombudsfra probéiert ze léisen, och ka vläicht méi einfach maachen.

Mir wëllen eng méi transparent Administratioun. An ech hunn net méi spéit wéi de Moien och mam Minister Kersch, deen och fir d'Reform a fir d'Simplification administrative war, iwwer verschidde Méiglechkeete geschwat, déi den Här Kersch am Moment ausschafft fir justement de Bierger, fir vis-à-vis vun där Administratioun méi en Ableck ze kréien iwwer seng Demanden, déi e mécht. Dat heescht, dass en e Suivi kritt, dass e weess, wou seng Demandë sinn, wie sech drëms këmmert a firwat d'Leit sech drëms këmmeren.

Mir mengen, dass dat schonn eppes ganz Wichteges ass, fir ze évitéieren, dass de Bierger, wann e bis eng Demande gemaach huet, am Fong sech all Dag d'Fro stellt: „Gëtt se iwwerhaapt traitéiert oder gëtt se net traitéiert?", a wat eis dann och erlaabt, dem Bierger en direkte Kontakt ze gi mat deem, deen da säin Dossier och traitéiert.

Den Open-data-Text kënnt och elo an den nächste Sitzunge vum Regierungsrot op den Ordre du jour, deen eis dann och erlaabt, hei dann duerno dat kënnen zu Lëtzebuerg méi transparent vis-à-vis vum Bierger och no baussen, vis-à-vis vun deenen Donnéeën, déi mir selwer och als Stat hunn, zur Verfügung ze stellen.

Et si verschidde Froen, déi och gestallt gi sinn, déi spezifesch iwwert d'Gesetz vum Ombudsmann - oder Ombudsfra - gestallt ginn. Erlaabt mer, dass ech elo net intervenéieren, well et eng Proposition de loi sollt sinn. An ech mengen, wann et eng Proposition de loi sollt sinn, ass et un der Chamber, hir politesch Responsabilitéiten ze huelen.

An do wäerte mir dann och als Regierung kënne soen, wat mer dovunner halen, mä et wier elo net opportun, lech ze soen, dat doten dierft Der oder dierft Der net maachen, well Dir hutt eis ze soen, wat mer ze maachen hunn oder net als Regierung. Et ass net un eis als Regierung lech ze soen, wat Der ze maachen hutt.

Déi konkret Froen, déi och gestallt gi sinn, iwwert d'Maison des Droits de l'Homme an déi Saachen, dat leeft. Ech mengen, den Här Traversini hat d'Fro gestallt. Do leeft et, do sinn och scho Saache proposéiert ginn. Mä et muss ee wëssen, dass, wa mer déi ganz Associatiounen, déi sech fir d'Rechter vun den eenzelne Persounen asetzen, wëllen zesummeféieren, mer och technesch Spezifissitéite brauchen. Mir haten nämlech eng Plaz elo fonnt, mä do ass zum Beispill eng Persoun mat Rollstull net an de Lift erakomm. A wa mer de Centre pour l'égalité de traitement wëllen och duer setzen, muss och eng Méiglechkeet kënne bestoen, fir dass déi Leit mat Rollstull och kënnen eropkommen.

Mir sinn elo amgaangen un enger Propositioun ze schaffen, déi op der Areler Strooss wier, wou mer och kéinten d'Leit all zesummebréngen, mä da musse mer och mat deene verschiddenen Akteuren do op e gemeinsamen Nenner kommen. Dat heescht, dass d'Besoine vun deem engen a vun deem aneren och kënne garantéiert ginn.

Mir bleiwe bei der Iwwerzeegung, dass et Synergië gëtt, dass do och d'Zesummeschaffen e positiven Aspekt kéint brénge vis-à-vis vun deenen Demanden och vun de Bierger dobaussen.

Wéi gesot, Här President, ech soe Merci, dass hei een Débat stattfonnt huet. Mir woren hei, fir lech nozelauschteren. Wéi gesot, déi spezifesch Froe sollen an der Kommissioun tranchéiert ginn, wann de Besoin do ass, fir dem Minister selwer Froe kënnen ze stellen. A wéi gesot, zur Proposition de loi, erlaabt mer, dass ech lech do d'Primme loossen, fir déi auszeschaffen, an dass mir dann och kënnen eng Prise de position hunn, wa bis d'Chamber als éischte Pouvoir och hir Décisioune geholl huet.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.*- Merci dem Här Statsminister. Vu dass mer net a Präsenz si vu Motiounen oder Resolutiounen, wäre mer um Enn vun eiser Debatt ukomm. Ech soen lech Merci a Rendez-vous ass muer de Mëtten um zwou Auer.

Domat ass eis Sëtzung op en Enn komm.

(Fin de la séance publique à 17.52 heures)

www.ärvirschléi.lu